LOUTRES NEWS



Jan. Feb. Nummer 3/2017/2018

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

Alles Guddes fir 2018

Kuck de Programm am neie Joer a mell dech séier un !

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle:
"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Schmit
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Miersch

Loutres News N°03 2017/18

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Chefen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegen Drock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Schmit
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Mersch

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Beaver Branche	LU03 1111 2051 4284 0000
Wellefchers Branche	LU98 1111 2051 4385 0000
Scouts Branche	LU94 1111 2051 4587 0000
Explorer Branche	LU92 1111 2051 4688 0000

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

- Foulard
- Vademekum, Scoutbichelcher
- Verschidden Badger

Oder Saachen déi der sicht a bei eis am Home leien.

Sortie Schlittschung

Léif Beaver, Wëllef, Scouten an Explorer

Eng beléiften Gruppesortie as eis Sortie op d'Äispist.

Op eisem Disney Camp haate mer zwar Schnei, mee et war net duer gaangen fir mam Schlitt ze fueren well e rem séier geschmollt ass.
Sou maache mer eis dann e flotten Nometteg op der Äispist.

Mir wärten dofir op Beefort fueren.

Weini: RDV Samstes den **03. Februar um 13:30 op der Gare zu Miersch**

Retour: de selwechten Daag um **17:00** op der Gare zu Miersch

Prais: 10 Euro wann s du Schlittschung hues. –Wann s du keng Schlittschung hues dann kascht et dech 3 Euro weider (13 Euro) fir der ze léinen

Suen brengs de den Daag selwer mat op de RDV an am Bus sammelen Cheffen se an.

Mathuelen: däin Foulard an eventuell e bessi Täschegeld, Schlittschung wanns du der hues

Umellen: Bis den **1. Februar**
- mam Umeldeformulär op www.scouts-loutres.lu oder
- klassesch Teln: 691 631616

D' Cheffenequipe

Beaver

Salut Beaver!

Mir hoffen dir hutt ierch Chrëschtdag all de Bauch gudd voll geschlo an hat eng schéin Zäit mat der Famill. Gudd gerutscht an dëst néit Joër sidd der bestëmmt a mat voller Energie erwaarden mir, de Blubb, de Malak, d'Barry an natierlech och de Bibu ierch gespaannt fir mat Vollgaass och am néien Trimester vill Spaass ze hunn :)

Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00. Mir ginn oft mat den Kanner eraus, **onofhänngech vum Wieder**, dofir **dot hinnen ëmmer Gezäi un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.**

Programm vum 2. Trimester

06/01:	Versammlung
13/01:	Versammlung
20/01:	Versammlung
27/01:	Versammlung
03/02:	SORTIE Schlittschong
10/02-17/02:	KENG Versammlung (Fuesvakanz)

(Änneruungen kommen nach am zweeten Deel)

24/02:	Versammlung
03/03:	Versammlung
10/03:	SORTIE
17/03:	Versammlung
24/03:	Versammlung

Wann's du net an d'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann mellt ierch weg. per SMS.

Deng Cheffen

Malak (Paul)	621157585
Barry(Jacquie)	621433486
Blubb (Rony)	621750157

Programm vum 2. Trimester

Wellef! Yaaaaaa Hoooooooooo!!! Mir starten an een neit, flott Trimester am neien Joer! Mir hoffen dir sidd rem motivéiert dobéi☺

Hei as den Programm: (Eventuell Ännerungen sin nach meiglech fir ee WE am zweeten Deel vum 2. Trimester).

06/01:	Schwamm Versammlung
13/01:	Versammlung
20/01:	Versammlung
27/01:	Versammlung
03/02:	SORTIE Schlittschong
10/02-17/02:	**KENG Versammlung – Fues Vakanz**
24/02:	Versammlung
03/03:	Versammlung
10/03:	Versammlung
17/03:	Versammlung
24/03:	Versammlung
31/03-14/04:	**Ouschter Vakanz**
12-14/04:	Ouschtercamp
(21)-22/04:	Sixplo

DENG CHEFFEN:

Andre Jorge CM	621 715 985
Yannis Demoutiez ACM	691 859 430
Aurélie Mari ACM	661 804 946

SIXPLO 2018

Hei sin déi eischt Info fir dech unzemellen, du kriss nach Détailer fir den Transport vun Miersch aus.

Wéini? : 21.-22.04.2018

- Fir d'Sixer: dee ganze Weekend vum 21.-22 Abrëll 2018
- Fir déi aaner aus der Meute: Sonndes, den 22.04.2018

Treffpunkt:

- Samschdes: um 14:00 Auer beim Fräiheetsbam zu Stroossen
- Sonndes: um 09:15 Auer op der Gare Centrale Luxembourg

Retour: (Sonndes)

- 16:30 Auer op der Gare Centrale Luxembourg

Detailler:

- Den Thema vum Sixplo ass **Hollyood**
- D'Sixer sollen eng „chique" Verkleedung (wäisst Hiem / Polo / donkel Box) matbréngen, fir um Gala deel ze huelen
- D'Cheffen sollen fir Sonndes am Thema vun hierem Posten verkleed sinn.D'Kanner brauchent net verkleed ze sinn.

Material:

- D'Sixer bréngen hire Gamellesak (Gamelle, Besteck, etc.) fir Samsdes mat, sou wéi eng Lunchbox fir de Pic-Nic vu Sonndes (Samstes gëtt fir d'Sixer gekacht)
- D'Sixer brauchen alles, wat ee fir e Weekend brauch Carrymatt, Schlofsak, Schlof- a Wäschsaachen, etc.
- Déi aaner Wëllefcher, déi also nëmmen Sonndes kommen, mussen hiere Pic-Nic selwer matbréngen fir Sonndes mëttes.

Präis:

- Fir d'Sixer, déi schons Samsdes do sinn: 18€
- Fir all aaner Member aus der Meute: 5€

Umeldung:

- Bis den 24 Februar 2018 via Loutres Webpage oder beim André J.
- D'Iwwerweisung ass bis den 17 März ze maachen op den Wëllefcherskont

Les Loutres Wellefchers Branche LU98 1111 2051 4385 0000
Mentioun: Sixplo a Num vum Kand

Féderal Wellefchersekip an deng Chefen

Wëllefcher, Scouten

Wëllef a Scouten !

Schwammversammlung

Léif Wëllefcher a Scouten, et ass erëm sou wéit, mir maachen eis traditionell Schwamm Versammlung. Déi Kanner déi nach keen Schwamm Badge hunn kennen deen maachen. Wann deen gemaach ass heescht et Spaass hunn an der Schwemm ☺ Du kanns och däin Vademecum oder Scoutsbichelchen matbréngen

Weini:	06 Januar 2018 (Déi eischt Versammlung am néien Joer)
Wou:	Zu Miersch um Krounebierg
RDV:	Um 13:45 virun der Schwemm um Krounebierg
Schluss:	Um 16:15 bei der Schwemm
Waat kascht daat ?	D 'Entrée an Schwemm bezilt de Grupp, du däerfs awer Täschegeld matbréngen fir an Buvette oder brénges einfach däin Bidon mat.
Matthuelen:	Schwammsaachen (kee Short) ☺



Lenks Patt

Deng Cheffen

Scouten a Guiden

Programm 2018 / 2 Trimester

Moien Scouten a Guiden:

Hei den Iwerbléck iwer eis Aktivitéiten, notéier der lo schon Datumer vun den gréisseren Aktivitéiten

6/1	Schwammversammlung
13/1	Versammlung
20/1	Badge-versammlung
27/1	Versammlung - Tauschspill
3/2	Schlittschongsortie
10/2 – 18/2	Vakanz
17/2	Sortie mat Marche Gourmande
24/2-25/2	WE Weltrees
3/3	Versammlung Quizduelle
10/3	Scouts Explo – Dapp and the city
17/3	Leadershipversammlung
24/3	Versammlung
31/3 – 15/4	Vakanz
12/4 – 14/4	Ouschtercamp

Vergiess net dech bei dengen Cheffen ofzemellen wann s du net an d'Versammlung kanns kommen. Merci :)

Deng Scoutscheffen

Recht Philippe CT	691 812 917	mr_recht929@hotmail.com
Jennifer Vosman CT	621 6621 14	jenny_vosman@hotmail.de
Carissia Demoutiez CT	691 727 569	cdemoutiez@gmail.com
Pierre Prichearts ACT	621 738 748	prickp@hotmail.de
Felten Jhang ACT	621 790 389	jhang.felten@gmail.com

Scouten a Guiden / Explorer

Hallo alleguer zesummen !

Heimat invitéieren mir dech op eng flott Mini-Marche-Gourmande niewent dem gudden Iessen dat dir kritt maachen mir Atelieren am Thema : Ëmwelt an Natur, déi eis an den Scouten ganz no steet. Méi soen mir lo net dozou, loosst dech iwwerraschen an kommt all mat op des kulinaresch Aventure !

Ween ? Scouten an Explorer

Wéini ? Samstes den 17.Februar 2018

Départ ? um 10 :00 zu Miersch bei eisem Home

Retour ? um 17 :30 op der selwechter Platz

Material ? **Gamelle an Besteck, Becher, Bidon** (mat Waasser vir Ënnerwee !), Klengen **Rucksack** wou alles dran ass, **Kichenduch**

Präis ? 10 Euro (vir Entree, Haaptplaat an Dessert)

Umellen ? **bis den 10 Februar 2018** per Email op jenny_vosman@hotmail.de oder per sms um 621 662 114

Lénks Patt,
Cheffen

Dapp and the City – Explo 2018

D'Scoutsekipp invitéiert iech häerzlech op den Explo 2018 an der Metropol Lux-City! Dëst Joer maache mir e klénge Citytrip duerch eis wonnerschéin a geschichtsträchteg Haaptstad a mir entdecken heibäi e puer schéin Ecker déi net an engem Touristebiichelche stinn.

Wéini: Samschdes, den 10 Mäerz 2018
Wou: Lëtzebuerg-Stadt

RDV: um 10 Auer an der Stadt
Schluss: géint 16 Auer an der Stadt

Präis: viraussiichtlech 0€/Participant; +5€/Participant fir all Umeldung nom Délai
Umeldung : Bis den 27 Januar 2018 iwwert Websäit vun de Loutres oder direkt bei engem Scoutschef
Material: Pick-nick, Bidon mat Gedrénks, K-way, eppes fir op de Kapp, Uniform & Foulard.

Divers: All ugemellten Trupp muss mindestens 1 Chef matschécken.
All Trupp muss 1 Posten organiséieren.
No der Umeldung kriss du an der nexter Loutres News nach Detailer iwwert de RDV zu Miersch

CP/SP-Weekend

Nom grousse Succès vun 2016 huet Scoutsekipp décidéiert, all zwee Joer e Weekend nëmme fir CP & SP aus der FNEL ze organiséieren.

Wéini: de Weekend vum 2-3 Juni 2018
Wou: dat bleiwt eng Iwwerraschung fir dech

RDV: um 9 Auer an der Stadt
Schluss: géint 16 Auer an der Stadt
Präis: viraussiichtlech 20€/Participant; +5€/Participant fir all Umeldung nom Delai
Umeldung: Méindes, den 23 Abrëll 2018
Material: Pick-nick, Rucksak, Carrymat, Schlofsak fir dobaussen, evt. Inlet fir an de Schlofsak, dem Wieder ugepasste Kleeder, Uniform & Foulard…

Mell dech lo schonn bei eis wans de interesséiert bass matzegoen.

Scouten a Guiden

Leif Scouten,

Mir, Lea an Kim, maachen dëst Joer eis CP-Formatioun, an maachen dofir en Weekend.

Hudd dir Loscht op eng **Weltrees**?

Mir reesen mat iech duerch verschidden Länner an leieren si vun all hiren Säiten kennen. Mir hunn Ticketen fir iech an deenen schéinsten an bekanntesten Stied op der Welt reservéiert.

Hudd dir Loscht an onsen Fliger ze klammen dann mellt iech all séier un.

Rendez-vous : den Fliger start den **24. Februar** 2018 um ***14 :15*** op der Gare zu Miersch

Retour : den Fliger lant den **25. Februar** 2018 nees um ***17 :00*** op der Gare zu Miersch

Präis : 25€ mat op den Rendez-vous bréngen

Umellen : bis den 18. Februar 2018 iwwer SMS beim Kim Christen +352 691 116 644

Mathuelen : Schlofsak, Wäschsaachen (Zännbiischt etc.), Gamelle, Besteck, Becher, Kichenduch, en gefëllten Bidon, dem Wieder ugepasst Gezei, Täschemesser, Täscheluucht, Schlappen, Biergschong, Foulard, Uniform, Zuchticket an Bus Ticket oder Schülerkaart an natierlech gutt Laun

Mir freeën eis op iech
Lea an Kim

Programm 2. Trimester

Salut Explorer!

No engem flotten 1. Trimester steet och am Zweeten villes um Programm. Mir hoffen dech op villen Aktivitéiten ze gesinn !

6. Jan 2018	Versammlung
14. Jan 2018	Explorer Sportdaag FNEL
20. Jan 2018	Versammlung
3. Feb 2018	Sortie Schlittschung
10 Feb 2018	Sortie Floossfaart
10. – 18. Feb	Vakanz
17. Feb 2018	Sortie Mini Marche Gourmande
24. Feb 2017	Versammlung
10. Mär 2018	Versammlung
24. Mär 2018	Versammlung
31. – 15. Abr	Vakanz
3.-6. Abr 2018	Explorercamp FNEL
12.-14 Abr 2018	Camp

Eis Versammlungen sin, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home.
Wann een net kommen kann soll en sech wegl oofmellen.

Mich Grüneisen – RUE (691 328 916)
Louis Watgen – ARUE (621 224 079)

fnel scouts & guides

EXPLORER FNEL

Léif Explorer an Exploretten,

Et ass rëm sou wäit, den Explorer Sportsdag steet virun der Dier, an zwar **den 14.01.2018 bei den Kiewerlecken zu Stroossen.**

Dir kennt Iech de ganzen Dag mat deenen aneren Unitéiten aus dem Land a verschiddenen Sportaarten moossen.

Dat ganz fënnt statt an der **Hall vun der FLTA an der rue de Reckenthal, 2410 Strassen vun 9:45- 17:00.**

Fir d'Mëttegiessen suergen d'Kiewerlecken, d' Onkäschten belafen sech op **5€ an ginn op der Platz bezuelt**.

Dir kennt iech elleng oder als Unitéit (min. 6 Explorer) **bis den 05.01.2018** iwwert explorer@fnel.lu umellen.

Matbrengen sollt dir är Sportskleeder, Turnschong, Duschsaachen an en **Ekippen T-Shrit**.

Lenks Patt

är Explorer Ekipp

Fotorapport Camp Disney

FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures
17:00 – 19:00

Den ScoutsShop ass ëmmer Donneschdes op, ausser während de Schoulvakanzen !

Hei kanns du der deng Uniform kafen an nach vill anert Scoutsmaterial z.B. Gamelle, Schlofsak, Täschemesser, verschidden Modeller vun Scouts-Pulloveren.....
Hues de eng Fro dozou da mell dech bei dengem Chef.